N°6949
Entrée le 21.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Wunnengsbauminister, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°6949 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Location de logements type Airbnb"**

Virop ass ze präziséieren, dass d'Kontrakter op Airbnb net gläichzesetze si mat engem normale Mietvertrag.

Am Populatiounsregëster vun de Gemenge ginn déi Persounen agedroen, déi hir Résidence habituelle an der Gemeng hunn. Dat schléisst Bewunner vun engem Objet, deen iwwert d'Plattform Airbnb zur Verfügung gestallt ginn ass, net prinzipiell aus. D'Aschreiwen op de Registre principal vun der Gemeng hänkt ënner anerem vun der Realitéit vun der Résidence habituelle, de Konditioune vun engem eventuelle Kontrakt a vum legale Statut vun der Wunneng of. D'Verwaltungsgeriicht huet sech schonn zu der Résidence habituelle am Zesummenhang mat Openthalter fir eng kuerz Zäit prononcéiert: « *L'inscription aux registres de la population d'une commune ne peut se faire que dans la mesure où la personne ayant l'intention d'y établir son domicile dans un lieu déterminé à l'habitation réelle, légale et continue, conformément aux dispositions légales et réglementaires en vigueur et aux autorisations administratives émises le cas échéant. Des chambres d'hôtel, d'auberge ou de tout autre établissement, destinées à recevoir des personnes ne souhaitant y effectuer qu'un séjour de courte durée ne sauraient constituer des logements dans lesquels des personnes avec ou sans l'accord du propriétaire de ces chambres souhaitent établir leur domicile.* » (TA 10.11.2003 n°15663).

Lëtzebuerg, den 21/10/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding